



Aktivitéitsrapport vum Joer 2022

Versammlungen:

- D'Generalversammlung war den 30. Abrëll 2022 am Centre Culturel zu Éiter.
- De Comité ass am Joer 2022 8 Kéieren zesumme komm: 25.01.2022, 28.02.2022, 29.03.2022, 18.05.2022, 13.07.2022, 22.09.2022, 19.10.2022, 08.12.2022.

Aktiounen:

- D'AL huet en neie Grondsazprogramm ausgeschafft. Op der Generalversammlung 2022 ass iwwer den neie Grondsazprogramm ofgestëmmt ginn an de Grondsazprogramm ass ugeholl ginn.

Manifestatiounen:


- 19.11.2022 an 20.11.2022: Op de Walfer Bicherdeeg ware mir mat engem eegene Stand an der Hal 2 vertrueden:
- 19.12.2022: D'AL an d'CGFP hunn dem Direkter vum Lycée Michel Rodange, dem Jean-Claude HEMMER am grouse Festsall vum Lycée eng grouss Plack vum Dichter Michel Rodange iwwerrecht, déi vum Julien LEFÈVRE entworf gouf: Déi Plack soll am Gebai vum Lycée Michel Rodange op enger Éiereplaz opgehaange ginn. Et goufen och Presentatiounen vum Catherine MILLIM, Jean-Luc SCHLEICH, Alain ATTEN a vum Sproochecommissaire Marc BARTHELEMY gehalen.

Interviewen / Presse:

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Kolumnen «Eng Klack fir eis Sprooch» am Luxemburger Wort: 08.01.2022, 05.02.2022, 05.03.2023, 02.04.2022, 07.05.2022, 04.06.2022, 02.07.2022, 01.10.2022, 05.11.2022, 03.12.2022
- 16.06.2022: Verschécke vun eisem neie Grondsazprogramm un déi ganz Lëtzebuerg Press

Gratis Servicer:

- Permanenten Telephonsservice fir dem Public all Froen iwwer d'Lëtzebuergesch Sprooch ze beäntweren: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwwer E-Mail a Facebook ugebueden.



Verlag / Publikatiounen:

- Verkaf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag: am Ganze goufen am Joer 2022 407 Bicher am Wäert vu 5661,75€ verkaf.
- Eng nei Editioun vum Buch „Eis Virnimm“ gouf mat engem komplett neie Kapitel eraus bruecht an 2000 Mol gedréckt. All Member krut am Dezember 2022 eng Kopie gratis heem geschéckt.

Kommunikatioun:

- Eng Kéier am Joer verschécke mir e Bréif mat der Memberskaart an der Invitatioun fir d'Generalversammlung un eis 989 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo 1696 Follower (1633 Liken), op Instagram iwwer 373 Follower an op Twitter 340 Follower. Eis Poste gi reegelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat iwwer 823 E-Mail Adressen opgebaut.

Verschiddenes:

- Op der Generalversammlung 2022 gouf en neien zousätzleche Keessereviseur genannt: de Georges DESSOUROUX

2023:

- 07.01.2023: Iwwerreeche vun eiser Bronze Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ op eisem Neijooschpatt un d'Clara MORARU a vun eiser Sëlwer Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un de Jean KANDEL fir aussergewöhnlech Verdéngschter am Kader vun der Lëtzebuurger Sprooch.
- 09.01.2023: Artikel op RTL.lu a Reportage op RTL Tëlee iwwer eisen Neijooschpatt 2023, der Iwwerreechung vun 2 Placketten „Dick-Rodange-Lentz“ an déi nei Editioun vum Buch „Eis Virnimm“.
- Januar 2023: Artikel an der CGFP Zeitung „fonction publique“ iwwer d'Iwwerreechung vun enger grousser Plack vum Dichter Michel Rodange un den Direkter vum Lycée Michel Rodange, de Jean-Claude HEMMER.
- 22.02.2023: Den Alain ATTEN an eise Vize-President, de Lex ROTH, krute fir d'Joer 2022 am Festsall vum Jongelycée den Nationale Präis fir Verdéngschter ëm d'Lëtzebuurger Sprooch, d'„Kaweichelchen“ iwwerrecht, dee vum Educatiounsministère fir déi éischte Kéier iwwerrecht gouf.
- De Lex ROTH huet 2023 en neit Buch mam Titel „120 Schnoken“ eraus bruecht. De Carlo SCHNEIDER huet d'Buch illustréiert, de Verkafspräis ass 20€.

